Clubfëschen vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg

am Heischenter Grond op der Uewersauer

Haut Samschdes den 22 September 2012 huet déi éischten Manche vum Clubfëschen vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg, op der Uewersauer am Heischentergrond stattfond. Et haten sech 14 Méckenfëscher anfond fir sech beim alljäehrlechen Clubfëschen un eneen ze moossen. Natirlech besteet och dëst Joër eist Championat aus énger Manche am Fléissgewässer an énger Manche am Stëllgewässer um Séi zu Rabais.

Et haten sech also éng 14 Memberen virum Hotel Bissen getraff fir sech op den Weë op den Parcours ze maachen. Natirlech ass fir unzefänken eemol ee bëssen geschnësst gin ewell schlisslech haten mir eis ee puer Méint net méi gesin ewell direckt no der Summerpaus déi geplangten Sortie op den Séi vum Freux bei Libramont, wéinst den ze waarmen Temperaturen, sprëchwirdlech an d'Waasser gefall wor. Esou haten mir eis vill ze verzielen zemols ewou dach Jidvereen

awer vill gefëscht hat an esou natírlech och huet míssen Bericht ofleën, an íwwerhaapt ganz ouní Fëscherlatäín leeft éng Sortie vum Flyfishing Club jo awer nie of.

Duerno wor et dun um lousen vun den Stänn, Jídvereen huet míssen een Lous zéien fír dass den Oflaaf vun den eenzelen Manchen konnt festgeluecht gín. Ewei et heíbäí zougeet soll déí zwou nächsten Fotoën verdäítlechen, esou een Clubfëschen ass jo schlísslech keen Zocker schlécken.

Nodeems mír dun Alleguer mat méí oder wéíneger schlëmmen Blessuren, gezwongener Moossen eís Plaz fond haten, konnt et dun endlech las goën.

Et ass an dräí Manchen zu jee énger Stonn gefëscht gín ewoubäí mír der teschent awer och éng kléng Paus gemeet hun fír eís ee bëssen ze stäerken. Mír haten et mam Wieder ganz gudd erwëscht, wor et Mueres nach zímlech níwweleg, esou huet am Laaf vum Dag d´Sonn sech awer gewísen an och vun den Temperaturen hír wor et een schéínen Hierschtdag. Ewell et schon éng gewëssen Zäít net méí gereent hat wor net vill Waasser an der Uewersauer, wat eís d´Saach net erlíichtert huet. Et ass dofír och net besonnesch vill gefaangen gín ewoubäí natírlech déí richtég gudd Fëscher ënnert eís awer um Enn erëm hír Fësch gefaangen haten. Allgeméng sín awer och erëm vill Fësch gefaangen gín déí d´Mooss net haten an duerfír och net konnten gezíelt gín, dat huet esou munnecher Een zur Verzweíflung gedríwwen mée natírlech fënd eís Clubfëschen no gewëssen Regelen statt un déí Jídvereen sech halen muss an et soll och Keen méngen dass et heí um néídegen Eescht géif feelen ewell och wann mír Alleguer Kolleegen sín esou ass den sportlechen Éiergäíz dach bei Jídveréngem ganz grouss geschríwwen an et ass Keen dobäí deen net um Enn wëll Clubmeeschter sín. Déí meeschten Forellen sín mat drechenen Mécken oder kléngen Nymphen gefaangen gín, do ewou awer d´Waasser plazeweís méí déíf wor, ass och den gudden aalen Wooly Bugger zum Ansatz komm an dat net mat wéíneg Erfolleg.

An der Mëttesstonn haten mír eís am Hotel Bissen anfond fir d´Mëttegiessen. d´Jessen wor ewei ëmmer formidabel an mír hun eís och net laang fléiwen geloos fir eran ze féieren an erréicht nodeems déi leschten Schossel eidel an deen leschten

Dessert opgiess wor, hun mir eis dun no der obligatorescher Taas Kaffi, erëm gudd gestäerkt op den Weë bei d´Waasser gemeet fir déi ofschléissend Manchen aus ze fëschen.



Déi beschten Kaarten, ...eeh ! natirlech Mécken, hat Haut den Gilson Mich deen och d´Klassement virun der zweeter Manche unféiert. Ganz knapps hannert Him koum den Pierrot Dan op déi zweeten Plaz an den Jung Änder huet den häitegen Podium komplett gemeet. Mée och all déi anner Fëscher hun hirt Bescht gin an esou steet elo éng interessant zweet Manche um Séi zu Rabais un. Och wann den Mich, den Dan an den Änder Haut ee bëssen erausgestach hun, esou ass dach nach guer näischt entscheed an et steet domader éng spannend Manche an d´Haus ewoubäi déi Fëscher déi Haut op den Podium komm sin, konfirméieren mussen falls Sie wëllen Clubchampion gin. Mir freën eis dofir schon op den 20. Oktober ewou zu Rabais gefëscht gët an hoffen et deen Dag genee esou gudd mam Wieder ze erwëschen ewei dat och Haut den Fall wor an dann dierft éngem interessanten Match näischt méi am Weë stoën.

Klassement vum Clobfëschen vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg:

1.	Mich Gilson	376	Punkten
2.	Dan Pierrot	327	Punkten
3.	Änder Jung	302	Punkten
4.	Andy Schrank	179	Punkten
5.	Jang Ehr	162	Punkten
6.	Raymond Thoma	91	Punkten
7.	Yvon Erpelding	89	Punkten
8.	Holger Hansen	87	Punkten
8.	Dan Muno	87	Punkten
10.	Roland Ries	86	Punkten
11.	Luss Dilk	84	Punkten
12.	Jemp Hoffmann	45	Punkten
12.	Marc Dumont	45	Punkten
12.	Jean – Marie Nicolas	45	Punkten